

Wi néideg e *forum*-Dossier iwert Bicher a Literatur as, huet d'LW neess bewise, wu de leschte *forum*-Dossier schon um Wee fir an d'Dréckerei wor. An der Bestseller-Lëscht vum Mount Dezember 1997 (LW, 9.1.98) figuréiert jo nüt énnert Literatur bei de franséische Bicher 1) *Le livre noir du communisme*, 3) *Diana, princesse des coeurs*, a bei den däitsche Bicher 2) *Diana 1961-1997*. Dat éischt as awer eendeiteg e Sachbuch, eng kritesch historesch Analys vum kommunisteschen Terror - leider alles wi kee Roman! An di zwou sentimental Biographie vun enger populärer Prinzessin hu vläicht en Titel, dee no Märchwelt klengt, an och wann eventuell nüt alles pur Wourecht dodran as, si se dach och keng Literatur. Eemol méi (vgl. *forum* Nr. 165/Jan. 1996) muss de Koschter also warnen: Nüt Bicher iwwert de Kommunismus oder d'Prinzessin Diana, mä esou Bestseller-Lëschte si pur Fiktioun.

m.p.

De Koschter huet scho mi dax séng Freed driwwer gesot, dass mam 100,7 endlech e Sender besteet, dee nüt op Sensatiounsjournalismus aus as a Noriichtesendunge stänneg vu Reklammen énnerbrieché léist, deem séng Kommentäre nüt eresäiteg parteipolitesch gefierwt sin. Leider muss de Koschter awer feststellen, dass aner Sendungen nüt grad deem Qualitéitsusproch vum soziokulturelle Sender gerecht gin. Vun engem Kultur-Forum hat en sech z. B. am Fong nüt erwaart, dass déi Sendung den Zweck hätt, dem Kulturministär fir d'Selbstdarstellung ze déngen. Grujhelech as awer, wat am Beräich Geschicht iwwert d'Antenn geet. Dee 'Fach'-Journalist gebraucht drop an derwidder friem, pseudo-geléiert Wieder, wi wann een e bestëmmte Langage misst beherrschen, fir historesch am Bild ze sin. D'Konscht vum gudde Wëssenschaftler a Pädagog besteht awer grad dodran, sää Fachwëssen allgemeng verständlech weiderzereechen. An där neier Schoulsendung iwwert Geschicht, freides murjes, verzaapt deeselwechte Journalist, carrément falsch Informatiounen, di op keng Kouhaut gin. Dëslescht huet en, z. B., während fénnef Minuten iwwert nei historesch Methoden 'dissertéiert', wi bien dat wuel géif nennen, a Wierklechkeet awer iwwert Quellegattungen wi Foto oder Film geschwaacht, wat jo keng Methoden sin. Säi Getuddels a Gehemmst, dat och nach eng schlecht Virbreedung vun der Sendung verroden huet, wëllt de Koschter iwwerhéiert hun. Vläicht läit de Feeler awer nüt némme bei enger Feelbesetzung vu Säit vun der Radiosdirektioun, mä och beim Erzéiungsministär, dee fir esou Sendungen keng qualifizéiert Proffe fräistellt. De Koschter mengt, 't sollt ee besser d'Fangeren dervu loassen, wi schlecht Sendungen a Richtung 'Schoulradio' ze man.

m.p.

De Koschter wonnert sech wéi vill aner Bierger, dass e Minister de berümt-berüchtegte *Numerus clausus* beim Staat konnt doduerch émgoen, dass e Leit fir sech schaffen gedon huet, di u sech an enger Asbl ugestallt worn, di vum Ministär Subside krut. Domat soll ét elo eriwwer sin. Wéi as ét da mat der Praxis, fir systematesch DAT-Leit fir e Ministär schaffen ze din, well nüt genug Beamten do sin, z. B. am Kulturberäich? As déi Method méi orthodox? De Koschter freet sech, ob di su positiv Staatsfinanzen nüt einfach dodrop zréckzeféiere sin, dass de Lëtzebuerger Staat an enger Rëtsch Beräicher einfach nüt genug Leit astellt an domat déi, di do sin, zu onendlecher Murks an Iwwerstonnen a schlechter Qualitéit forcéiert, vun de Schied fir d'Gesondheet an d'Familieliewen, dat di selwecht Regirung dach émmer su héich wëllt halen, nüt ze schwetzen. Firwat müssen eng Rei Leit systematesch am Stress liewan, wann ét souvill Leit gët, di keng Aarbecht hun? Wär dat nüt och dem Staat séng Flucht, fir genug Leit am Schoul- an am Kulturberäich anzestellen, fir déi zwee Beispiller ze nennen, an domat e puer Aarbechtsloser vun der Strooss ze huelen?

m.p.